N°6462
Reçu le 08.07.2022
Déclarée recevable et urgence reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 08.07.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/07/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Minister fir Wirtschaft weiderzeleeden.**

*rtl.lu* bericht an engem Artikel vum 6te Juli, dass *ArcelorMittal* Stolprodukter a Russland liwwert. Zitat:

> *Dës Produkter kommen aus dem betribseegene Wierk am Kasachstan, an deem 35.000 Leit beschäftegt sinn. Et geet an der Haaptsaach ëm Stol fir de Bausecteur."*

*rtl.lu* schreift weiderhin, dass d'EU-Sanktioune géint Russland net ëmgaange géinge ginn, well ArcelorMittal vu Kasachstan aus operéiert.

De Lëtzebuerger Staat huet Participatioune bei ArcelorMittal S.A. an huet deemno een Informatiounsrecht als Aktionär. An der Chamberssitzung vun haut huet de Wirtschaftsminister, op eng Fro vun eiser Sensibilitéit hin, net konnten äntweren, ob dës tatsächlech de Fall ass.

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Huet de Minister mëttlerweil Kenntnis vun den Aktivitéite vun ArcelorMittal?
2. Ass de Minister der Meenung, dass ArcelorMittal d'EU-Sanktiounen ëmgeet?
3. Fënnt de Minister et moralesch vertrietbar, dass ArcelorMittal iwwer Kasachstan den Handel mat Russland weider oprecht erhält?
4. Wäert d'Regierung als Aktionär am Verwaltungsrot vun ArcelorMittal d'Thema uschwätzen?

Mat déiwem Respekt,

| CLEMENT Sven | GOERGEN Marc |
|---|---|
| Député | Député |

N°6462
Reçu le 11.07.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Äntwert vum Wirtschaftsminister Franz Fayot op d'parlamentaresch Fro n°6462 vum 8. Juli 2022 vun den Deputéierte Sven Clement a Marc Goergen zu de Liwwerunge vun ArcelorMittal a Russland**

Jiddwer Entreprise ass dofir responsabel datt am Kader vun hiren Aktivitéiten di finanziell a wirtschaftlech Sanktioune respektéiert ginn di am Kontext vum russeschen Invasiounskrich an der Ukrain zanter dem 24. Februar 2022 no an no decidéiert goufen. Wat elo ArcelorMittal a seng Filial am Kasachstan (ArcelorMittal Temirtau – AMT) uginn, esou gëtt mir an deem Kontext vun ArcelorMittal, nieft der Kontroll vu Fall zu Fall vum Anhale vun dëse Bestëmmungen ("*due diligence*"), dësweidere schrëftlech zougedroen: "*ArcelorMittal and AMT are in full compliance with applicable sanctions and related export controls*.".

Et steet engem Lëtzebuerger Regierungsmember net zou, eng Appreciatioun iwwer kommerziell Decisioune vun ArcelorMittal Kasachstan ze ginn. De Lëtzebuerger Staat als Aktionär vun ArcelorMittal ass net am Verwaltungsrot vum Grupp vertrueden. Et sief awer gesot, datt de Wirtschaftsminister bei ArcelorMittal insistéiert huet, datt di néideg Precautiounsmesure an Assurance musse geholl ginn, fir datt déi Liwwerungen di AMT a Russland mécht, net däerfe fir militäresch Zwecker gebraucht ginn.

Lëtzebuerg, den 11. Juli 2022

De Wirtschaftsminister

(s.) Franz Fayot